

# WANDROUS

N°372 Fréileng / Bléimount / Broochmount 2019  
Abrëll / Mee / Juni



RoverQuizWinner'19

Kënnt **5 mol pro Joër raus**  
Abonnement **25,00 Euro**  
CCPL: **LU82 1111 0498 5493 0000**  
Chefredakter: **MOYANO Guy (Crotale)**  
> resp. **CheffenEkipp LBB**  
Verantwortlech vir Drock an Verschécken: **LBB**  
E-Mail: **wandrous@lionsbleus.lu**



# Les amis des Lions Bleus

Les amis des Lions Bleus

Erënners och Du Dech un di Campen, déi sech herno als mémorabel erausgestallt hun, un d'Activitéiten wous Du Dech herno gefrot has, wéi daat méiglech wor, schwätz och Du nach allekéiers iwwer deng Scoutszäit wanns de én vun dengen alen Scoutsfrënn erëmgesäis?

Bas och Du frou dat deng Kanner an den Scouten sin, an schmunzels Du net heiansdo wann Deng Kanner no enger Activitéit, dreckech an midd, mé mat blénkechen An verzielen waat se alles um Camp erliewt hun? Bas Du net heiansdo eng Grimmel melancholesch dass Du mat Denger Scoutszäit ofgeschloss hues, oder einfach aaner Weeër gang bas?

Bedenk dat während Denger Scoutszäit Cheffën do woren di sech em Dech gekëmmert an gesuert hun, an elo sin nach ëmmer Cheffën do, di sech ëm Deng Kanner këmmere an suergen. Datt d'Home ënnerhal, gebotzt, vergréissert gin ass an nach ëmmer gebotzt an ënnerhal gët.

Vun all Scoutsgeneratioun hun sech der e puer dozou entschéd Responsabilitéit ze iwwerhuelen, an weider un dém Scoutswé ze bauen dén virun 100 Joër vun Brownsea aus an di ganz Welt erausgebaut gin ass.

Wells och Du datt d'Scouten weider bestoën kënnen an datt weiderhin Kanner vun Jugendlechen ausgebild, an op hieren Liewenswé virberéd gin?



**Dann zéck nët an géff elo direkt Member vun den  
“AMIS DES LIONS BLEUS”**

**? VIRWAAT ?**

D'*Amis des Lions Bleus* bestinn zum Dél aus activen wi inactiven Memberen, mé och aus Elteren, Frënn a Bekannten, di all én gemeinsam Ziel hun: d'Weiderbestoën vun den Lions Bleus ze garantéieren. Och wann en Dél vun dénen Memberen weiderhinn am Hannergronn vir den Groupe actif sin, verhënneren se awer alleguerten mat hieren Donën, dat di aktuel an di nächst Cheffengeneratiounen duerch Geldsuergen vun hierer Haaptcharge ofgelenkt gin.

D'*Amis des Lions Bleus* sin Leit di nët wëllen, nët kënnen, keng Loscht oder einfach keng Zäit mi hun vir sech actif bei den Lions Bleus ze engagéieren, an dowéinst dem Groupe op eng onkomplizéiert an extrem efficace Manéier hëllefen: duerch en regelméissegen Don.

D'Kapital waat esou am Laaf vum Joër zesummen kënnit gëtt vum Comité de gérance verwalt, d'Konten stinn vir jidderén op, an gin wi all Joër op der Assemblée Générale veröffentlecht.

Dofir ënnerstез och DU ons, wann ech gelift,  
mat engem “ordre permanent”  
vun 5,00 / 10,00 / 15,00 Euros\*\* pro Mount  
op onsen CCPL: LU 82 1111 0498 5493 0000  
mat der Mentioun “Les amis des Lions Bleus” + Numm oder Anonyme

\* Vir onsen Budget besser kënnen opzedélen zéien mir vir regelméisseg en klengen Bäitrag ze kréien, esou kënnen mir mat an op en “revenue” zielen, an domadder rechnen. No Ennen an Uëwen sin keng Limiten gesaat.

Natierlech frëen mir ons iwvert en émolegen oder regelméissegen Don!

\*\* Mir sin der Ménong dat eng kleng an regelméisseg Finanzsprëtzt vielleicht méi liicht ze verkraften ass.

Vun 15,00 Euros pro Mount un sin selbstverständlech d'Memberskaart an d'WANDROUS gratis!

Wéi s'Du an Zwëschenzäit konns feststellen sin eng ganz Rei vun Memberen an Frënn nach ëmmer mat Fréd dobäi!

***Hinnen sief vun heiaus eng dekken MERCI gesoot!***



# Wandrous Publicitéit



Waart brauchst Du vir Geld ze spueren?\*



Loscht op schick Sportkléder oder Sportmatériel!  
Eng gültig Memberskaart vun den LIONS BLEUS!

Den VIKING-ADVENTURES zu Tréier!

Paulinstrasse 25

D-54292 Trier



d'LIONS BLEUS  
kaafen beim  
VIKING-ADVENTURES!

\* op all Akaaf kris du 10% wanns du deng gültig Lions-Bleus Memberskaart weis!  
an zum Schluss vum Joër kritt den Groupe eng Ristroume op dem Joresëmsatz!




[www.viking-adventures.de](http://www.viking-adventures.de)

# OUSCHTER-Weekend fir d'Beaver(BV)



**Oh NEE ...  
... Et ass erëm geschitt ...**

**D'Prinzessin Peach ass schon nees eng kéier entfouert ginn vum béisen Bowser! Dës kéier kann den Mario d'Prinzessin awer nët alleng retten kommen...  
Dowèinst brauch hien elo iech !!!  
So eis also sou schnell wèi méigech bescheed, op's du dem Mario zur Hand gees fir him ze hëllefem d'Prinzessin ze retten befier et ze spéit ass !**



**Wéini?** 19. - 20. Abrëll 2019  
**Rendez-vous?** um 13:30 op der Gare Centrale Luxembourg  
**Retour?** um 16:00 beim Home Les Castors zu Schëtter (2, Place de l'Église, 5367 Schutterange)

**Präiss?** **25€**, sinn ze iwwerweisen bis den 30.März 2019 op den Konto Les Lions Bleus-Beaver (BCEE IBAN LU91 0019 4955 9097 0000) mat der mention : OuschterWeekend & Numm vum Kand

**Souche?** oofzeginn bis den 23.März 2019.

**Waat brauch ech?** Foulard, Schloofsaack an Pijama, klenge Rucksack, Bidon mat Waasser, Täscheluucht, dem Wieder ungepassten Kleeder, Ersatzkleeder & Ënnerwäsch, Wäschaachen, Gamelle&Kichenduch, Nuesschnapfecher, . . .



**Heimadden erlaben ech ..... méngem Beaver**  
..... fir op dem Ouschterweekend vum 19-20.Abrëll 2019 matzegoën an iwwerweisen mat Zait.

**Datum & Ënnerschrëft .....**



オ  
コ  
ソ  
ト  
ノ  
ホ  
モ  
ヨ  
イ  
キ  
シ  
チ  
ニ  
ヒ  
ミ  
リ

Konichihua! Han Yong Hasseyo!

CHING CHANG CHONG mir hun all schéin Biergschong !

Chinesëch kënne mer nët, och kee Japanësch. Mee mir wësse wéi ee Sushi mëscht an daat wärte mir elo testen!

Allerdéngs gi mir och zesummen akaafen! An zwar an den Asia Shop op d'Gare! Duerno gi mir dann an d'Home an maachen zesummen en asiatëscht Festmahl!

Dofir komm a mell dëch séier un fir auszeprobéieren wéi déng eege Sushi schmaachen!



WEINI?

WOU?

WEIVILL KASCHT ET? **15**

UMELLEN ?

SCHLUSS?



den 27.Abrëll 2019 um 10h00

op der Gare Centrale de Luxembourg

**EUR** si mat ze bréngen op de Rendez-Vous

bis den 13.Abrëll 2019 bei déng Cheffen.

den 27.Abrëll 2019 um 21 Auer beim Home

Ech ..... kommen mat op d'Asien-Sortie, den 27.Abrëll 2019 an bréngen d'Suen mat op de Rendez-Vous.

Ënnerschrëft: .....





# FNEL LX Sixplo:

fir Meute(LX)

## SIXPLO

Dëst Joër gi mir iwwert 2000 Joër zréck an Vergaangenheet um Sixplo !

An enger Zäit wou nach Réimer iwwerall an Europa waren.


Mee mir interesséieren eis nët fir si, mir interesséieren eis un daat eenzegt Duerf daat sèch géint Réimer gewiert huet. Een Duerf am Norde vu Frankräich...

Een Duerf waat e speziellen a geheimen Zaubertrank huet.

Wëss dir schon wéi een Duerf mir hei mengen ???

Natiirlech, daat Duerf wou den Asterix an den Obelix wunnen !!!

Kommt mat op de Sixplo an entdeckt zesummen mat eisen 2 Helden déi 4 Elementer.



### Wéini:

fir Sixer:

Samstes, 4.05 um 14:00 op der Gare zu Beetebuerg

fir déi aaner:

Sonndes, 5.05 um 09:00 op der Gare Centrale LUX

Schluss Jiddereen:

Sonndes, 5.05 um 16:45 op der Gare Centrale LUX

### Praiss:

Sixer\_18€ & fir déi Aaner\_5€ >>> ze bezuelen bis 20.04.19 !!!

op de Compte: Les Lions Bleus-Meute mat der Mention:

SIXPLO'19 + Numm vum Kand (LU56 0019 4955 9099 1000)

### Material fir jiddereen:

komplett Uniform, dem Wieder ugepasste Kleeder, Bidon m. Waasser, déck Schung , ...

**fir d'Sixer:** Carrymatt/Schlofsaack, Ersatzkleeder, Gamelle, Lunchbox fir Pic-Nic

Sonndes (deen sie krèien) dran ze maan.

**fir dèi Aaner:** PIC-NIC fir Sonndes Mëttes !!!

**Souche:** Ass oofzeginn bis den 20.04.2019 !!!

Heimat erlaaben ech \_\_\_\_\_ méngem Wëllefchen

\_\_\_\_\_ op den Sixplo vun der

FNEL den 4.-5. Mee 2019 matzegoen.

Ennerschrëft : \_\_\_\_\_



# FNEL BeaverFunDay: fir Beaver(BV)

fnel     
scouts & guides

## BEAVER FUN DAY

DEM BIBU SENG GEBUETSDAGSPARTY

SAMSDES, DEN  
11. MEE 2019  
VUN 11 BIS 16 AUER

BEIM HOME  
Les Aigles



Wichtig Info:

Vergies däi Picknick fir Mëttes net!

an natierlech: UNIFORM, Bidon mat Waasser & dem Wieder ugepassten Kleeder ...

Rendez-Vous: 11.Mee 2019 um 10:30 um Parking vum Centre de Logopédie  
Retour: 11.Mee 2019 um 16:15 idem > Parking Centre de Logopédie  
Praiss: 10€, Mention BFD'19+Numm vum Kand bis den 20.04.2019 op  
de Konto: Les Lions Bleus-Beaver (LU91 0019 4955 9097 0000)

Heimat erlaaben ech .....mëngem Beaver  
.....um BeaverFunDay den 11.05.2019 matzagoën.

Ënnerschrëft: .....

# LBB Rover-Weekend fir d'Rover (RO)



## Jo,

du gesäis richtig, eisen Rover-WE deen mir am Fréijoer fixéiert haaten këntt ëmmer mèi no...

>>> 11.-12. Mee 2019 zu ???

>>> RV um 10h30 Gare Dummeldange

MELL dëch also sèier un...

dann kriss de **Détailler** iwver MAIL :)

Unmellen kanns de dëch op:

[eyra@lionsbleus.lu](mailto:eyra@lionsbleus.lu) oder per Telefon um **621 179 232**

**CROTALE & EYRA**

**du brauchts:** Pic-Nic fir SA-Mëttes an Gegrills fir SO-Mëttes & eben e klengen Rucksäckelegen fir mat op den Trajet...

# FNEL Raid fir d'Explorer (EX)

## Raid & Raid+ 2019

Am Mee ass ët erëm souwäit ... de Raid an de Raid+ sti virun der Dier. Ët geet erëm an den schéinen Norden. Ët geet lass Samschdes den 18.05.2019 mat engem Trajet vun Wolz op den Misärshaff mat där enger oder aanerer Iwwerraschung ënnerwee. Sonndes, den 19.05.2019, geet et dann virun, fir déi déi wëllen, mam Seefekeschtenrennen (Daat genau Reglement dofir këntt nach no).



**Wéini?** SA\_18.05.2019 - SO\_19.05.2019

**Wou?** Start\_SA 18.05\_10h30 zu Wolz op der Gare  
Fin RAID\_SO 19.05\_10h00 um Misärshaff  
Fin RAID+\_SO 19.05\_15h00 um Misärshaff

**Material?** déi üblech Saachen, Rucksack, Gamelle / Schloofsaack / Carrymatt, Orientatiounstrousse ...

**Souche?** ass oofzeginn bis den 27.Abrëll 2019!

**Präiss?** 20€ / 25€ Persoun fir Raid / Raid+  
(Les Lions Bleus-Explorer: BCEE-LU30 0019 4955 9102 6000)  
mat der Mention: RAID'19+Numm bis den 27.04.19.



Ech ..... erlaaben heimat méngem Explorer .....  
um EX RAID 2019 vum 18-19/05/2019 vun der FNEL deelzehuelen.

Ënnerschrëft ..... Régime alimentaire: .....



## BAACK-Sortie...18/05

Och dëst Joër treffen mer eis nees am Home fir zesummen eppes Leckeres ze baacken. Mee dëst Joer baacken mir nët fir Suën fir den Summercamp zesummen ze kréien. Dëst Joer baacke mir fir eng ‚Bonne Action‘ ze maachen. Alles waat mir gebaack hun, ginn mir den Daag selwer verkaafen, an déi Suen déi mir erankréien, spenden mir un eng Organisatioun !  
Mee maacht lech keng Suergen, dir wäert och schon op är Këschte kommen ;)



### Wéini & wou?

Samstes, den **18.Mee 2019** zu Bouneweg am Home  
Start **9h00** Auer & Fin **16h00** Auer!

### Waat brauchts du?

daat waat een SG, EX, RV sou brauch op enger Sortie.  
dem Wieder ugepassten Kleeder & evtl Kachschrtech...

### Praiss?

**5€**, sinn bis spéidstens den **4.Mee 2019** ze iwwerweisen op de Compte: Les Lions Bleus-Rover (BCEE  
IBAN LU83 0019 4955 9103 3000) mat der Mentioun ‘BaackSortie & Numm vum Participant’

### Umeldung?

per Souche, bei déngem Chef och bis den 4.Mee 2019.

Heimat erlaaben ech \_\_\_\_\_ mengem(er)

Hobbybäcker(eg) \_\_\_\_\_ un der

Baack-Sortie'19 den 18.Mee 2019 deelzehuelen

Ënnerschrëft \_\_\_\_\_



# Paischtcamp

fir jiddereen

## Fréier wor alles besser... ... oder och nët?

Wéi war ët fréier an de Scouten? Wéi ass een ënnerwee ouni Handy eenz ginn? Ouni Stroum? Daat wëlle mir eemol testen. An zwar um Paischtcamp! Wëlls du daat och alles gewuer ginn? Wëlls du wëssen wéi ët wor ëmmer mat enger kuerzer Box an laange Strëmp op de Camp ze goën? Mir kucken mol op ët fréier besser war an de Scouten oder nët... An DU wëlls dobai sinn?

**Dann mell dech séier un!**



**Rendez-vous?**

25.Mee 19 um 09h fir **Scouten** an **Explorer** op der Gare Centrale Luxembourg.

25.Mee 19 um 14h fir d`**Wëllef** op der Gare Centrale de Luxembg.

**Retour?**

27.Mee 19 um 16h fir **Jiddereen** zu lechternach bei der Jugendherberg.

**Präiss?**


**40 €**, sinn ze iwwerweisen bis den 10.Mee 2019 op den Konto Les Lions Bleus-Rover (BCEE IBAN LU83 0019 4955 9103 3000) mat der Mention : PC & NummvumKand

**Souche?**

oofzeginn bis den 11.5.2019.

**Material?**


Foulard, Schloofsaack an Carrymat, klenge Rucksack, Bidon mat Waasser, Täsche-luucht, dem Wieder ungepassten Kleeder, Ersatzkleeder & Ënnerwäsch, Wäschsaachen, Gamelle&Kichenduch, Nuesschnappecher, Biergschong, Schwamm-saachen, ...



Heimat erlaaben ech .....  
mëngem Wëllefchen, Scout, Explorer, Rover

.....  
deelzehuelen um Paischtcamp (25.-27.5.2019)  
an iwwerweisen d`Suen am Délai.

Ennerschrë : .....



# Sortie Sail-Away:

fir SG/EX/RO...



goes >

*Phantasia*  
L A N D

Mir wollten eis einfach mol nees erëm eng Kéier mat eisen aalen Crew'en vum leschten Joër treffen, sou ze soën als Jubiläum vum Sail 2018. Ët ass eng Aktivitéit un där Jiddereen deelhuele kann ab dem Scoutsalter. **DU wars nët mat um Sail ?** Daat ass iwwerhaupt **keen Problem**, mir huelen dëch gären an eis Crew'en op an du wärts vill néi Léit kennen léieren. DU hues Loscht op Spiller bei deenen s'du un déng Grenzen kënns an driwwer raus?

Dann **mell dëch** elo bei eis **un** fir dir eng **Plaatz am Bus ze sëcheren**.

**Wéini:** Samschdes, den **15. Juni 2019**

**Départ:** 07h15 zu Mamer beim Kinneksbond

**Schluss:** 20h00 zu Mamer beim Kinneksbond

**Präiss:**

1. Ech war um Sail an muss **15€** iwwerweisen.
2. Ech konnt nët mat op den Sail an iwwerweisen **50€** op den Konto Lions Bleus-Rover (BCEE IBAN LU83 0019 4955 9103 3000) mat der Mentioun: SAIL AWAY + Numm & Virnumm bis spéitstens den **25. Abrëll 2019**, well mir hun nëmmen begrenzten Plaatzen !!!

**>>> Fix Umeldung erëischt > mat der Souche & mat der Iwwerweisung !**

**Waat huelen ech mat:** Tiptop Uniform + Foulard, Pic-nic fir mëttes an een Bidon (gefëllt mat Waasser), Kaap, Sonnercrème, Täschegeld, déng Carte d'identité oder Pass!!!

**Mir brauchen nach:** Autorisation parentale vun jidderengem ënner 18Joër. (kritt der fir auszufëllen soubaal der ugemellt sidd)

**Dir hudd nach 1 Froë ?** Mellt Iech einfach iwwer Mail: [cg@lionsbleus.lu](mailto:cg@lionsbleus.lu).

---

Heimat erlaaben ech..... méngem Scout, Explorer, Rover  
.....deelzehuelen op der SAIL-AWAY SORTIE den  
15.6.2019 an iwwerweisen d`Suen am Délai.

Ennerschrëft: .....





# Faakelzuch

fir den ganzen Groupe



# FAAKEL- ZUCH 2019

Wéi all Joër's sinn mir um Fiirowend vum Nationaldeierdag um Faakelzuch vertrueden.

Mit treffen ons Freides, den 22.Juni

**20:00 Auer**

bei der Metzlererei Kaiffer op 77, Grand Rue  
L-1661 Lëtzebuerg



Waat brauch de Beaver, de Wëllefchen, de Scout, d'Guide, den Explorer, de Rover, d'Amicale an natiirlech nët ze vergiessen eis léif Comitésmemberen??

**RICHTEG ! eng TIP TOP Uniform, also:  
donkelblo Box,  
Uniformshiem, Foulard  
an evtl eng LBB-Kaap**

**OPGEPASST: Daat ganzt huët och en Enn !  
An deen fënnt s'ech erëm bei der Metzlererei Kaiffer um 22:30 Auer**

**D'Souche ass bis spëitstens den 8/06/2019 bei d'engem Chef oofzeginn !!!**

**Wéi all Joër's sinn d'Lions Bleus och mat hierem Grillstand do vertrueden !!!**



Jo ech.....

ginn d'ëst Joër 2019 mat op de Faakelzuch.  
an ech sinn mat Zäiten an tiptoper Uniform um Rendez-vous



ElterenËnnerschrëft

**LBB GrillStand**

fir Jiddereen

**22 JUNI 2019**

**VIROWEND VUN**

**NATIONALFEIERDAAG**

**GROUSSEN  
LIONS BLEUS  
GRILLSTAND**

**GRILLINGER** BATTIN <sup>VUM</sup> FAASS  
**METTWURSCHT**  
**HOLZKUELEGRILL**  
PARTYBEATS <sup>an</sup> DJ FISH

**AB 12H00**  
**BOUCHERIE KAIFFER**  
**AN DER GROUSSGAASS**  
77 GRAND RUE L-1661 LUXEMBOURG



# FNEL Pow-Wow fir de ganze Grupp



## Power...

## ...WOW 2019 bei den Munnerefer Mais



Dëst Joer ass de FNEL's Pow-Wow, wou s'ech d'Scouten aus allen FNEL's Gruppen aus dem Land treffen bei de Munnerefer Mais zu Mondorf. Déi hieren 10-järegen Jubiläum feieren an wou si bei daer Gelegenheit och hiert neit Home um Site "Badboeschelchen" wärten kréien.

THEMA ass wéi am Titel ze liesen >>> POWER, also alles ronderëm ENERGIE mat mega AVENTURE & mat coolen AKTIVITÉITEN...



**Wéini & wou:** den 7.Juli 2019

**RV**

**Départ:** 09h00 Auer um Parking vun der Gemeng Mondorf  
**Schluss:** 16h30 Auer um Parking vun der Gemeng Mondorf

**Präiss:** 6€, sinn ze iwwerweisen bis spéistens den 1.06.2019\* op de Compte: Les Lions Bleus-Rover (BCEE IBAN LU83 0019 4955 9103 3000) mat der Mentioun: Pow-Wow'19 + Numm vum Kand.

**Souche:** ass oofzeginn bis de selwechten Datum \*!

**Material:** Tiptop Uniform, Foulard, **klenge Rucksak mat Pic-nic**, dem Wieder ugepassten Kleeder, Bidon mat Waasser, Becher, Kap, Sonnecrème an dem Wëllefchen séng 5 Saachen...



Heimat erlaaben ech ..... méngem Beaver, Wëllefchen, Scout,

Explorer, Rover ..... deelzehuelen um FNEL Pow-Wow den 7.7.2019 an iwwerweisen d'Suen & ginn Souche oof am Délai.



Ennerschrë : .....



1001 Nàcht  
am bloen Tèmpel

- SAVE THE DATE -

- 13. JULI 2019 -



# Programm Beaver

BV - Programm

## April

- 06./13./20. keng Versammlung (Vakanz)  
19.-20. WEEKEND  
27. BeaverVersammlung 14:00-16:00

## Mei

04. BeaverVersammlung 14:00-16:00  
11. FNEL BV Funday  
18. BeaverVersammlung 14:00-16:00  
25. keng Versammlung (Vakanz)

## Juni

01. keng Versammlung (Vakanz)  
08. BeaverVersammlung 14:00-16:00  
15. keng Versammlung  
After Sail Sortie....  
22. FAACKELZUCH an der Staat  
& LB Grillstand ab 12 Auer...  
29. BeaverVersammlung 14:00-16:00

## Juli


06. keng Versammlung  
07. POW-WOW  
13. LÉIWEFEST

...

**SUMMERYAKANZ > 13.07.-15.09.2019**

## Beaverklack

Spitzki, Hawky, Keeo, Inia, Quagga, TicTac





### ABRËLL

06./13./20. keng Versammlung (Vakanz)  
06.-07. OUSCHTER-WEEKEND  
27. Versammlung 14:00-16:00

### MEE

04.-05. FNEL Sixplo  
11. Versammlung 14:00-16:00  
18. Versammlung 14:00-16:00  
25. keng Versammlung (Vakanz)  
25.-27. PËNGSCHT-CAMP

### JUNI

01. keng Versammlung (Vakanz)  
08. Versammlung 14:00-16:00  
15. keng Versammlung  
After Sail Sortie  
22. FAACKELZUCH an der Staat  
& LB Grill ab 12 Auer  
29. Versammlung 14:00-16:00

### JULI

06. keng Versammlung  
07. POW-WOW  
13. LÉIWEFEST

**SCHÉIN VAKANZ :) :) :)**

### Lènks Patt

Bagheera, Kaa, Baloo, Hathi, Tschill, Raschka...







### ABRÉLL

- 06./13./20. keng Versammlung (Vakanz)  
06.-07. OUSCHTER-WEEKEND  
27. Patrullenversammlung 14:00-16:00

### MEE

04. Truppenversammlung 14:00-16:00  
11. Patrullenversammlung 14:00-16:00  
18. BAACKSORTIE zesummen mat den Explorer  
25. keng Versammlung (Vakanz)  
25.-27. GRUPPEN PÉNGSCHTCAMP

### JUNI

01. keng Versammlung (Vakanz)  
08. Patrullenversammlung 14:00-16:00  
15. SAIL-AWAY SORTIE  
22. FAACKELZUCH & LBB GRILLSTAND  
29. Truppenversammlung 14:00-16:00

### JULI

06. NUIT des BREVETS fir CP'en  
07. POW-WOW zu Mondorf bei den MM  
13. LÉIWEFEST

**SUMMERSVAKANZ vum 13.07-15.09.2019**

Tamia / Ketty / Charel & Aleksis  
**Lenks Patt**



# Programm RovEx RovEx - Programm

D`RovEx Branche, eng Branche vir Explorer, Cheffen an Rover bidd eis d`Meiglechkeet, méi Aktivitéiten mat enger méi grousser Unzuel vu Leit ze maachen. All Member am Alter vun 16-26 Joër ass wëllkomm hei matzeschaffen an un all eisen Aktivitéiten deelzehuelen.



D`Ziel vun der Branche ass et, nei Frëndschaften ze schléissen an bestehend Bekanntschaften ze festegen, mee och e Programm ze gestalten deen dem Alter entsprecht an de Scoutsgeecht baibehält an verdéiwt. Méi Informatiounen bei dengen RovEx Cheffen...

## ABRËLL 2019:

- 6./13./20. keen RovEx Meeting (Vakanz)
- 9.-13. OuschterCamp
- 27. RovEx Meeting ou ASIA-DAY

## MEE 2019:

- 4. RovEx Meeting
- 11. keng Versammlung > RO-WE
- 11.-12. LB ROVER-WEEKEND
- 18. BAACK-AKTION zesummen mat den Scouten
- 25. keng Versammlung (Vakanz)
- 25.-27. GruppenPëngschtCamp

## JUNI 2019:

- 01. keng Versammlung (Vakanz)
- 08. RovEx Meeting
- 15. SAIL-AWAY SORTIE
- 22. FAACKELZUCH an der Staat & LBB Grillstand ab 12 Auer
- 29. RovEx Meeting

## JULI 2019:

- 06. keng Versammlung
- 07. POW-WOW bei den MM zu Munneref
- 13. LÉIWEFEST

...More to come...

Lénks TAP,  
Aer RovEx Cheffen



# RAPPORT KrëschtCamp

Beaver

Rapport Beaver Kreschtcamp 04.-06 Januar 2019

Den Beaver Krëschtcamp vum 04. bis den 06. Januar huet sech ëm d'Thema "Weltrees" gedréint. Ët huet ugefaangen mat Amerika, wou d'Kanner sech indianesch Kappbänner mat Fiederen gebastelt hun & Spiller kennengeléiert an gespillt hun déi ët zu dëser Zäit gouf. Dono ass ët dann weidergaangen mat Plätzen sou wie Asien, Afrika an Europa, mat speziellen Bastelen, Aktivitéiten an lessen passend zu deenen verschiddenen Plätzen an Zäiten. Natiirlech dierf een d'Scoutstechniquen och nët vergiessen. Si hunn geléiert wéi een mat einfachen Saachen aus der Natur flott Biller kann maachen, wéi een anstänneg mat Messeren ëmgeet beim Kachen an interessant global Fakten.

Och wann e puer Kanner des öfteren mol verlaangert hun, hun Sie ët trotzdem tapfer duerchgehalen den ganzen Camp iwuer ze bleiwen an wieder Spaß ze hun, och wann ët fir déi meeche Kanner hieren alleréischten Camp war.

Den ganzen Camp huet am Home vun den Hirschen zu Colmar Bierg stattfonnt, mat ganz vill Plätz mat engem riesen Terrain, nët wait vum Bësch wou mir dann och en Grand-Jeu an een klengen Trajet gaangen sinn.

D'Home war zum Schluss vum Camp an engem perfekte Zoustand an d'Beaver hun all Daag hier Chargen erleedegt sou dass mir den leschten Daag een geraumten an proppert Haus konnten verloossen. Den Aller an Retour ass doduerch dann och perfekt mat der Zäit opgaangen an d'Kanner sinn glécklech an awer och midd nees Heem gaangen.

KEEO





# RAPPORT FNEL CH-CityTrip Cheffen



Mir hunn eis Samschdes Moies um 8 um Glacis getraff a sinn vun do aus a Richtung Speyer gefuer. No gudden 2 Stonnen, si mir stoe bliwwen. Net zu Speyer mee zu Lug. Dat klengt Duerf leit ongeféier 1 Stonn vu Speyer fort an direkt beim Pfalzer Bësch. An deem Bësch hunn mir dann och ee klengen Trëppeltour gemaach. Mir goufen an Equippen agedeelt a missten während dem Trëppelen, verschidden Aufgaben erfëllen. Ënnert anerem misst een e Lidd komponéieren a verschidde Sténgformatiounen fannen a fotograféieren.

No dem Tierchen, si mir dunn op Speyer gefuer, an hunn géint 2 Auer an der Jugendherberge ageschéckt. Mir haten dann bis 6 Auer Temps libre, wat eis dann Méiglechkeet ginn huet, fir Staat entdecken ze goen. Um 6 hate ma dann all zesummen eng kulinaresch Visite. Bei der Visite, si mir mat engem Guide duerch Staat gaangen an hien huet eis villes iwwert déi verschidde Gebaier erzielt. Duerno si ma an engem schicke Restaurant iesse gaangen. Nom iessen hunn ma den Owend nach gemittlech ausklénge gelooss.

Den Dach drop, si mir géint 10 Auer op Heidelberg befuer a sinn no enger gudder halver Stonn ukomm. Dohannen ukomm, hunn mir a Gruppen e Staatsspill gemaach. Do krute mir vun der Staat Heidelberg eng Täsch mat verschidden Aufgaben, déi een an der Staat léise misst. Géint Mëttes, si mir dann all zesummen an e Restaurant iesse gaangen. Duerno konnte mir nach e bëssen duerch Staat trëppelen, befier mir um 4 Auer de Bus zréck op Lëtzebuerg geholl hunn.

Mir wore frou nees am Bus ze setzen, well et e bemol ugefaangen huet hefteg ze reenen, a mir zimlech naass gi sinn. Géint 7 Auer wore mir dann och nees doheem.

## Adrien Flammang



### FREIDES - SAMSTES

Mir hun eis All Freides um 18:30 Auer beim Home getraff an hun lauter Viirbereedungen fir Techuana gemaach: Chargentableau gemaach, Spiller erausgesicht, Material, Valissen an Ski angepaack... Dono hun mir All zesummen Pizza giess an dono sinn mer schnell an d'Bett gaangen, well mir den nächsten Daag fréi opstoën missten. Den nächsten moien sinn mir schon um 5 Auer opgestaanen an um 20 fir 6 waren mir schon ënnerwee. Mir hun eis dann mat eisem Minibus an Auto mat Unhänger op den Wee gemaach. Gënt 9 Auer hun mir dann eng Kaffispaus gemaach, ët goufen Mëtschen an waarmen Schocki...Dono sinn mir wieder gefuer an hun nach eng Mëttepous an der Gëgend vum Chiemseï gemeet. Mir sinn gënt 18 Auer unkomm an hun dun kuerz e Carré gemeet fir eis ze organisieren. Hun als èischt bescheid gesoot dat mer gudd ukomm sinn an dun hun mer Saachen ausgepaack an eis installiert am groussen Sall an am Dortoir. Dann gouf ët Spaghetti Bolognese. Mir hun dono nach schnell gespult an sinn schloofen gaangen. **LIO**

### SONNDES

Sonndes sinn mer gemiterlech um 8 Auer opgestaan fir eis gudd vun der Rees erhuelen ze kënnen. Eng hallef Stonn mèi spët stoungen mer am Carré an hun den èischten Fändel vum Camp erop gezunn. No dem Moieslessen, daat aus Schmieren an Théi bestung, ass ët mat der Préapration vum Camp lass gang. Eng Grupp huet den Schlaucht un der Quell ungeschloss an duerch d'Baach bis bei d'Kichen geluecht. Währenddeems huet eng aaner Ekip Weer fraigeschöppt. Beim Schnëischëppen gouf ët munchengem esou waarm, dass se dono am T-shirt wieder geschafft hun. Dann hun mer mam Holzhacken wieder gemaach bis mer natiirlech wèi all Joër erëm vill ze vill gemaach haaten. Gënt 2 hun mer zu Mëttes lekker Kniddelen giess. Well d'lessen sou spët ausgefall wor, hun mer nët den alljähregen Trëppeltour gemaach an sinn amplaatz op en klengen Hiwwel eis Ski ausprobieren gaangen an hun Frischlingen bëssi erklärt an schon ungelëiert. Deen Owend sinn mer dann awer amplaatz vun Mëndes schon an Schwämm/Sauna gaangen. Ech war mat an d'Sauna, déi wéi ëmmer ganz agréabel war, bis op deen lāschten Aufguss, deen mer baal nët iwierliewt haaten. Owes gouf ët gudd Bouneschlupp an dono sinn mer all dout-midd an den Schloofsaack gekroch.

### CHAREL

### MÉINDES

Mir sinn moies um 7 Auer opgestaanen an hun eis





ugedoën fir op Piste. Um halwer 8 wor dann och Carré wou mer gewuer ginn sinn wou ët hingeeet, dono hun mer zu moien giess. Den èischten Daag ass ë top Turracher Höhe gaangen. Wou mir awer lass wollten fueren vun Techuana, huet den Oll op emol aus der Fënster vun der Toilett geruff, dass hien hei angespaart gouf an nët vergiess wëll ginn : Sou hun mer nees alles opgespaart, den Oll opgelueden an lass konnt ët also um 1. Daag goën. Befir mir awer op den Bierg gefuer sinn, missten mer nach op Villach een Auto sichen goën, deen mir fir Woch gelèint haaten fir eis do nidden besser kënnen ze déplacéieren. Gèint 10 Auer sinn mir dann endlech op der Turracher Höhe unkomm. Do war mol eng këier richtig schèint Wieder (wèi an sèch dèi ganz Woch), d'Sonn huet gudd geschèngt an ët war gudd waarm. Nodeems mir alles ausgelueden haaten, jidereen sain Material an den Skipass haat, konnten mer starten... Nodeems dann den Moien eriwwer wor, hun mer eis nees Alleguerten bei den Auto'en getraff fir zu Mëtteg z'iessen. Mëttes gouf ët Sandwiches. No der Stärkung ass ët nees op Pist gaangen mat liicht verännerten Ekippen. No engem ganzen Daag Ski fueren waren eis Frischlingen dann och gudd midd an mir sinn dun och schon rëm zerëck an Techuana gefuer. Do ukomm hun mir Skimaterial & PicNicKëscht ausgelueden an zu Owes giess. Als Oweslessen gouf ët Gehscnetzeltas mat Curry & co. Nom lessen hun mir dann sèier eis Chargen gemaach an dunn sinn dèi meeschten Lèit schon schloofen gaangen, no dem èischten ustrengenden Skidaag.

### KETTY

### DËNSCHDES

Wèi ëmmer sinn mir um 7 Auer opgestaanen an hun eis fir d'Pisten prett gemaach. Mir hun dann eisen Carré gemaach an dunn kruuten mer gesoot dass ir haut op Gerlitzten (Glatze Kärntens) Ski/Snowboard fueren ginn. Mir hun duerno eisen Frühstück giess an eis Chargen gemaach. Dono sinn mer schnell an eis respektiv Autoen rangeklommen an hun eis op den Wee gemaach fir op Kanzelhöhe. D'Pisten waren zimlech gudd an Wieder war schèin. Mëttes hun mir wèi ëmmer eis Schmieren um Parking giess. Gèint 16 Auer hun mer eis all zesummen beim Gipfelhaus getraff fir nach zesummen een Schoki oder Almdudler ze drénken, ier mer eis op den Wee gemeet hun fir dèi letzten Pist fir haut ze fueren. Nodeems den Oll dann och Hütt fonnt haat (no enger klenger supplémentarer Visite vum KlösterleLift) an sènger schneller Stärkung, sinn mer All zesummen eroofgefuer bei eis Autoen wou mer eis schnell ausgedoën hun, Skimaterial verstaut hun an sinn Richtung Villacher





Warmbad gefuer fir eis ze wäschen an Thermen bëssi ze genëssen. Frësch gewäsch, gudd richend sinn mer dann heem gefuer, wou schon ee Chilli con & sin carne op eis gewaard huet. Dono sinn Chargen nees gemaach ginn an hun eis prett gemeet fir an d'Bett.

### LIANA

#### MËTTWOCHES

Mir sinn um 7 Auer opgestaanten, hun eis Skisaachen ungedoën an hun den Kaffisdësch gedeckt. Nom Carré hun mer ugefaangen eis Schmieren an den Müsli ze iessen. Dono hun mer schnell gespult, d'Saachen an den Minibus agelueden an sinn lassgefuer. Mir woren dann esou eng Stonn ënnerwee fir op Nassfeld op d'Skipisten. Do sinn mer dann gudder 2 Stonnen gefuer an hun gëint 1 Auer ugefaangen mam Mëttegiessen, daat huet ongeféier eng Stonn gedauert an sinn dono nees fëx op d'Piste gaangen. Mèi spët hun mer eng Paus op enger Hütt gemeet an gedronk an giess. Gëint 4 Auer sinn mer daan roofgefuer Richtung Parking an sinn dann mam Minibus an mam Auto zerèck op Techuana gefuer. Dann owes hun mer als Oweslessen eng Këissfondue giess. Dono hun mer gespult an eis aaner Chargen erleedegt an sinn wèi baal all owend an den Dortoir gaangen an schloofen gaangen.

### MYLO

#### DONNESCHDES

Moies si mir wèi gewinnt um 7 Auer opgestaanten. Du sinn mir an de Carré gaangen fir den Fändel eropzezèihen an fir herno iessen ze goën. No den Chargen hu mir eis op de Wee Richtung Katschi gemaach. Dohannen hu mir eis Skisaachen ugedoën a sinn direkt mam Katschi-Express op d'Pisten gaangen. Moies hu mir dann puer roud a blo Pisten gemaach. Mëttes hu mir all zesummen beim Minibus Schmieren giess bis mir mëttes wieder gefuer sinn. Gëint 4 Auer hu mir eis an enger Hütt getraff wou mir e leckeren Germknödel giss hun. Nom Ski sinn mir an d'Piscine gaangen. No der Piscine hu mir Rouladen giess, d'Chargen gemaach an eis an d'Bett geluecht an geschloof. **MICHEL**

### FREIDES

Mir sinn moies um 7:02 Auer opgestaan. Um 7:30 Auer haaten mer Carré, wou erklärt ginn ass waat mir haut maachen. Beim Frühstück huet Tamia gesoot dat mir zwëschen der Turracher Höhe an Innerkrens duerfen entscheiden, an eisen choix wor Turracher. Ënnerwee hun mir gemierkt dat et ugefaangen huet mat schneien. Als mir aus dem Minibus geklommen sinn, dat wirklich vill Wand wor an och dat Skiliften nët gaangen sinn 9 D'Schleplifter sinn awer nach



gaangen, an sou sinn mer als Grupp zesummen bei den Seetaxi gaangen, wou mer iwwer den zougefrouenen Sèi gezunn ginn sinn. Wou mer op der aanerer Säit woren, hun mir den eenzegen Sessellift fir erop geholl. Uewen um Biereg ukomm, hun mir nees 2 Gruppen gemeet an eis RV um 1:30 an enger Hütt ginn fir zesummen zu Mëtteg z'iessen. Mir hun also all zesummen (ënner Daach) Mëtteg gemeet an der Hütt an dèi meescht Lèit haaten Käsespätzle geholl an baal keen huet sè färdeg giess...Nom Mëttesessen sinn ir nach bis ongefeier 4 Auer gefuer, an sollten eis am Fong beim Auto treffen, dennoch woren mir nach eppes waarems an Hütt drénken well èt wor wiirklech kaal an no deem staarken Wand huet daat richtig gudd gedoën. Mir hun also nach bëssi gewaard bis dat den Wand nèt mèi su staark geblosen huet an sinn dann dèi lescht Piste fir dës Joër Richtung Auto gefuer. Sou mer eis heem gemaach an den Chalet an Techuana an wou mer ukoumen hun mer missten all eis Skisaachen eraushuelen aus dem Minibus an schon ënnert den Préo setzen. Nodeems all Skisaachen am Préo woren, hun mir eis Valisen gepaack an bei Skimaterial gesaat. Lo gouf èt Owesiessen, mir haaten Spghettien. Weel mir dun gudd midd woren no dem leschten Daag Ski, hun nom lessen schnell eis Chargen gemet färdeg gepaack an gelueden an sinn dun an d'Bett gaang. **PATRICK**

### SAMSTES/SONNDES

Mir sinn moies rem frei obgestaanen, sou geint 5 auer. Mir hunn nach dei rechtlech saachen angepaack an dann waar ed och leider schon zeit heem ze fueren. Maat all eisem gepäck hunn mir eis rem ob den wee gemaach. Geint 9 auer sinn mir dann bei engem sei stoen bliwwen an hunn dann gefrühstückt. Ed waar mega kaal dofir sinn mir schnell rem weidergefuer. Mei speit sinn mir dann nach eng keier stoen bliwwen fir schmier z'iessen. Mir sinn geint 17-18 auer beim home zu bounneweeg ukomm. Mir hunn alles ausgepaack, gebotzt an zreckgeraumt. Dann hunn mir nach Pizza bestallt an waaren nom iessen all immens midd. Sonndes hunn mir dann bessen mei laang geschloof an hunn nach d home gebotzt. Dann hunn mir nach dobaussen en spill gespillt. An dann geint 11 auer waaren eis elteren och schon do an ed waar zeit heem ze goen. **LIO**





# RAPPORT BibuSortie

Beaver

Den 2. März um 10 Auer moies hun söch eis Beaver beim Home vun den Lions Bleus getraff. Do gongt et direkt schon enger klenger Aufgaab fir sie lass. Fir d'Importance vum Recycling ze verstoën gouf e bëssen Dreck an eng Postkaart vum Bibu op der Wiss verstreet. Nodeems mir den Dreck an déi richteg Poubellen geheit hun an d'Postkaart fonnt haaten. Dono ass et dann mat Teamspiller weider gaangen, well all gudder Beaver wees dass en engem aaneren hëllef soll. Fir den Bibu besser kënnen ze verstoën gouf dann een Deel aus der Beavergeschicht fiirgeliess an d'Kanner konnten dann eppes dozou molen. Um lessplang stoungen dann selwer gemachten Burritos mat Flesch an allerhand Geméis. No dem Mëttegiessen missten mir dann nach schnell botzen an dono gongen mir direkt op eisen Trajet. Op all Posten hun d'Kanner dann eppes Wichtiges iwwert Beaver Gesetzer geléiert. Et huet ugefaangen mat dem Versprechen, wou och een vun eise Beaver hiren Foulard kruut, dann koum e Memory wou sie d'Blieder den richtegen Beem hun mussen zou ordnen. Dunn koum den Opbau vun engem klengen Beaverdamm an zu gudder Letzt nach eng Geocache deen mir zoufälligerweis ënnerwee fonnt hun. Mir sinn dann nees bei den Elteren um 16 Auer bei eisem Home ukomm an hun eis All Äddi gesoot.





Rapport Staat-Sortie vum 9.3.2019



Mir hun eis Samschdes Mëttes um halwer 2 bei der Gëlle Fra getraff fir zesummen de berühmte Schatz vum Willibrord ze sichen. Mir hun eis an dräi Gruppen gedeelt a sinn da lass gaangen. Ënnerwee missten Wëllef verschiddenen Aufgaaben op verschiddene Plaatzen léisen fir sech würdeg ze erweisen, wëll nëmmen déi würdeg Léit kënnen de Schatz fannen. D'Wëllef kruten eng Beschriewung vun enger Plaatze aus der Staat wou se hin goën missten. Do ukomm, missten si dann Aufgaaben léisen. Zum Beispill missten si beim Palais e Saatz an 6 verschiddenen Sproochen iwersetzen loossen an beim Fëschmaart: friemen Persounen e Lidd fiirsangen.

Nodeems déi ustrengend Aufgaaben geléist goufen, kruten d'Wëllef eng zerrasse Schatzkaart an e Schlëssel. Wéi d'Kaart zesummegeesat wor, gouf den Schatz och séier fonnt. Mam Schlëssel kruten si den Schatz dann och op. Wéi d'Këscht opgemaach gouf, hun 17 Wëllefchersaan gestraalt. Lauter Kamellen an Schockela.

Um halwer 6, sinn dann och Elteren komm, a mir sinn Allegueren zefriddenen Heem gaangen.



# Lions Bleus NEWS Lions Bleus News



**LIONS BLEUS - nei Web-Säit**  
 JO genee!  
 Gèi och du stöberen op [www.lionsbleus.lu](http://www.lionsbleus.lu),  
 an fann do Infos iwwer Aktivitéiten, Photos vum  
 PowWow / SummerCamp / GruppenVersammlung /  
 Montée, Location chalet, LBB & FNEL-Shop & nach  
 villes mèi....

**!!! OPRUFF !!!**  
 Denk drun **Photoen** eranzeginn  
 (egal op aal oder nei) fir dat mer e flotten  
 LionsBleus-Photoarchive kënnen opbauen.  
 Schéckt dës ganz einfach **op**  
**(foto@lionsbleus.lu)**



**POSTKAARTEN fir LBB**  
 Fiirs du demnächst an Vakanz...  
 an wëlls den Lions Bleus gär eng flott  
 Postkaart schëcken?  
 Dann zèck nët laang an schëck së op:  
 Les Lions Bleus  
 BP 23 L-5801 Hesperange  
 Mir gëifen eis jidderfalls freen an an der  
 nächster Wandrous publizieren.

# WOSM & fnel NEWS WOSM&fnel News



**FNEL SCOUTS-SHOP**  
**Nouv.Adresse:**  
 61A, rue de Trèves  
 L-2630 Cents  
 Tel: 26 48 04 50

**JOURS d'Ouvertures:**  
**17:00 - 19:00**  
 Den ScoutsShop ass **ëmmer**  
**Donneschdes** op, ausser  
 während den Schoulvakanzan!!!

**ALLGEMENG Datumer:**

04-13/04/2019 30Joër ONGD Ausstellung B.Etoile	10/05/2019	Soirée CG
06-07/04/2019 EX Brevet	10/05/2019	MW ‚Lost in the Darkness‘
13-16/04/2019 CP FormationsCamp um MH	12/05/2019	BF ‚Marche gourmande‘
06-22/04/2019 OuschterVakanz :)	19/05/2019	Make a difference um Cents
20/04/2019 FC Activités temp.en hauteur	19/05/2019	EQ Gamellentour
26-28/04/2019 Masterclass	22/05/2019	CoGro
04-05/05/2019 FC > ATH part 2	25/05/2019	EQ Keelentournoi fir RO
04-05/05/2019 Bosses et Bobos	25/05-2/06/19	PäischtVakanz :)



An eisem **SHOP** vun de **Lions Bleus** am Home LBB zu Bouneweg ginn ët folgend Saachen ze kaafen:

## STARTER PACK

T-SHIRT  
&  
HOODIE  
VIR 30 EURO

(All Member kritt dëst eemol vir 30 EURO, amplatz vu 40 EUR déi zwee zesummen)



T-shirt 15€



Knuet 5€



Pullover 25€



Foulard 5€


and many more to come...

Am **LBB-Shop** an eisem Home kriss du Gruppensaachen ewéi **Hoodie, T-Shirt, Foulard** & an nach villes mèi.

Du kriss also Alles waat mat de **Lions Bleus** ze dinn huet, awer och **Kniet** fir an däin **Foulard, Scoutsbichelecher** ewéi och de **Vademecum**...

Fir däin Uniformshiem ze kaafen, muss du an d'FNEL op den Cents fueren. Do kriss du och all d'Badger déi sollen op dénger Uniform sinn.

Déi Saachen déi hei opgelëscht sinn an der Zeechnung sinn Pflischt op der Uniform an gehéieren zum Beaver, Wëllefchen, Scout, Explorer, Rover wéi den Kapp um Hals, vum Foulard bis d'Box.







## England

In England gibt es die Tradition, zu Ostern hart gekochte Ostereler die Straße herunterrollen zu lassen. Außerdem sammeln die Menschen Weidenkätzchenzweige, mit denen sie sich gegenseitig über das Gesicht streichen. Das soll Glück für die Zukunft bringen.



## Schweden

In Schweden verkleiden sich am Gründonnerstag Mädchen und Jungen mit langen Röcken und Kopftüchern als Påskkärring. Im Deutschen würde man dazu „Osterwelter“ sagen. Die Kinder verfassen kleine Osterbriefe, verteilen diese in der Nachbarschaft und hoffen, dass sie dafür ein paar Naschereien bekommen. In Schweden bringt übrigens nicht der Osterhase die Eier, sondern kleine Osterküken.

## Finn

In Finn Osterfe Freund mit eincken. D erinner den Me wurde. am Ost und ma dunkle

## USA

In den USA wird das Osterfest so ähnlich gefeiert wie bei uns. Es gibt Ostereler, den Osterhasen und spezielle Gottesdienste. In New York gibt es außerdem eine große Osterparade, die ein bisschen an unsere Karnevalsunzüge erinnert. Eine weitere lustige Tradition ist es, dass am Ostermontag am Weißen Haus Eier um die Wette gerollt werden. Als Dankeschön bekommt jeder Teilnehmer ein Holzel mit der Unterschrift des Präsidenten darauf.



## Frankreich

In Frankreich bringt nicht der Osterhase die Eier, sondern die Kirchenglocken. Es heißt, dass die Glocken nach Rom fliegen, um den Papst zu besuchen. Erst am Ostersonntag kehren sie zurück. Deshalb läuten in dieser Zeit auch keine Glocken in ganz Frankreich. Aus Rom bringen die Kirchenglocken dann die Ostereler mit, die sie auf dem Rückflug fallen lassen. Die Kinder machen sich dann direkt auf die Suche.

## Italien

In vielen italienischen Orte Prozessionen, bei denen sy durch die Straßen getragen und Ostereler spielen in Ita Rolle. Zum Osterfest dazu g Familien eine Ostertaube, e di Pasqua“. Das ist kein ech salziger Kuchen, der mit ge Spinat gemacht wird.





## Land

Land gehören viele Kerzen zum Ostern dazu. Außerdem schlägt man den Kindern und Bekannten ganz leicht einen Birkenzweig auf den Rücken. Dieser Zweig soll an die Palmwedel erinnern, mit denen Jesus damals von den Jüngern in Jerusalem begrüßt wurde. Die finnischen Kinder laufen am Karfreitag durch die Straßen und werfen ganz viel Radau, um die bösen Geister der Jahreszeit zu vertreiben.

So wird in anderen Ländern das Osterfest gefeiert ...



## Australien

In Australien werden die Ostereier nicht vom Osterhasen gebracht. Hier hat der Bilby die Eier im Gepäck. Der Bilby ist ein kleines Beuteltier, das ein bisschen aussieht wie ein Kaninchen.



In Polen gibt es am Karfreitag ein Osterfest. Symbolisch ein Kreuz wird gebacken. Der Osterhase bringt den Kindern hingegen keine Ostereier, sondern in allen Ländern die sogenannte „Palomba“ (Taubenvogel), sondern ein gekochtes Ei und




## Polen

In Polen leben viele Katholiken. Deshalb hat Ostern hier auch eine besonders große Bedeutung. Am Ostersonntag füllen Menschen einen Korb mit bemalten Eiern, Kuchen, Salz, Brot, Papier und weißen Würstchen. Diesen bringen sie am Ostersonntag in die Kirche, um ihn segnen zu lassen.









**Oster-Labyrinth**

Findest du gemeinsam mit Hase Hoppel den Weg zu den Möhren? Zeichne einfach mit einem Stift den richtigen Weg durch das Labyrinth.



## Mal-Spaß!

- |   |   |
|---|---|
|  = 1 |  = 4 |
|  = 2 |  = 5 |
|  = 3 |  = 6 |





# et schéngt

et schéngt

- 01)wèi wann eis 2.edition AG am neien Format och dës Joër nees ganz gudd ukomm ass an oofgelaaf wor.
- 02)wèi wann owes um CheffeCitytrip e puer Häppercher zervèiert goufen op sou enger Art Teller/Glas Kombi
- 03)wèi wann deen CH-Weekend super foltt wor just leider Wieder een Stréch duerch Rechnung gemeet haat
- 04)wèi wann mer dës Joër och nees an Techuana woren an zwar mat neien an manner neien Frischlingen.
- 05)wèi wann een op sou Aktivitéiten heiansdo mèi & besser op dèi Erwuessen Participants muss oppassen.
- 06)wèi wann mer dèi 1.Kèier an der Techuana Geschicht mat engem Minibus (9 Pl.) dorower gefuer sinn.
- 07)wèi wann mer den ganzen Wantercamp iwwer top Wiederconditionen haaten ausser den letzten Daag...
- 08)dat eis Rover mat hierer Ekipp um FNEL RoverQuiz organisèiert vun den Bison Futés gewonnen hun.
- 09)wèi wann eis Wëllefcher dèi ganz Staat onsécher gemeet hun an keen an Sècherheet virun hinnen wor.
- 10)wèi wann Beaver op hierer Sortie ganz ongeplangt no enger Geocache gesicht haaten.
- 11)dat eis Kanner bei Spiller wèi ‚Wer bin ich‘ awer mat Dèieren, dèi eng oder aaner Saach aaescht gesinn
- 12)dat sou och lèif kleng Wëllefchen sèng Bedenken/Froën betreffend zu der Dèierenwelt haat.
- 13)dat Mètt März mol nees een Schaffweekend wor an keen S-Daag & hei wirklech vill ëmgerappt ginn ass.
- 14)dat bei de Wëllefcher een aalen Klassiker um Programm stoung mee leider een kl.Accident geschidd wor.
- 15)wèi wann eisen Misärhaff dës Joër och säin wuelverdingten Jubiläum feiern kann.
- 16)wèi wann eis Scouten Enn März um Orientéierungslaaf an der Émgèigend Munneref vertrauden woren.
- 17)wèi wann ët Joër vun de Gebuertsdeeg ass an eis ONGD sèch och mat hieren 30 Joër dobai zielen kann.
- 18)wèi wann ët lo schon baal 1 Joër hier ass wou d'Virderedungen fir de Sail op Hèischtouren gelaaf sinn.
- 19)wèi wann d'Lèiwefest och dës Scoutsjoër nees dèi letzten Aktivitéit am Scoutskalenner wärt sinn.
- 20)...
- 21)

# et schéngt nèt nëmmen

et schéngt nèt nëmmen

- 01)dat dës dèi èischten kèier um Cents oofgehaalen ass an d'Kanner och nees fir d'Kulinarik gesuert hun.
- 02)dat Kaa beim Spitzki 1 Hoër wollt eweg maan an huet Glas erwëscht, dèst ass dun um Buedem zerschellt
- 03)dat ët Sonndes sou krass gereent haat, dat mer um Wee Richtung Bus naass woren bis op den Hënner&..
- 04)dat den mannerneien Frischling hypermotivéiert wor a nèt un 1x Verglasung geduecht haat > Fënster futti
- 05)dat nom Tour duerch Home kee sèch gemellt haat & dësen dono eben angespaart/baal vergiess gouf ??
- 06)dat donidden eisen gelèinten VW POLO awer leider mèi schwaach op der BRoscht wor wèi eis Minibus...
- 07)dat sou vill Loft wor an mer just Schlepper benotzen konnten an den Mylo aus der Spur geblosen gouf.
- 08)wèi wann d'Lions Bleus dann nächst Joër den FNEL Rover-Quiz wärten ëmsetzen als Gewënner
- 09)dat Sie op hierer Sortie mat ganz vill Asaatz dann och zum Schluss de Schatz vum Willibrord fonnt hun.
- 10)dat daat hinnen esou gudd gefall haat, dat Sie daat am Lèiwsten nëmmen nach gëifen maan.
- 11)wèi wann een LX gemengt huet dat een Hond just Drëchenfudder an keen richtegt Fleesch gëif iessen.
- 12)wèi wann dës ganz eecht nogefroot haat op d'Wëllschwäin zu der Famill vun den Pärd gëif gehëieren ??
- 13)dat ët do och Samstes Owes zu engem flotten Quizowend koum mat gemëschten ComitéCheffenEkippen.
- 14)wèi wann Rousewaasser ze errichen wor, dës awer gekippt wor an dësen eben ganz lecker geroch huet.
- 15)dat sou Enn März 25 Joër Misärshaff schon mol gefeiert ginn sinn an dèi nächst Festivitéiten nokommen.
- 16)dat eis Frischlingen (jonk Scouten) daat ganz tapfer gemaach hun ënnert deenen iwwer 200 Scouten.
- 17)dat Sie och strammen Programm hun an eben eng ganz flott Ausstellung ugangs Abrell an der B.E. hun.
- 18)dat daat schon vill ze laang hier ass an mir onbedingt eppes maan müssen > SAIL AWAY > mell dëch un
- 19)dat's du dir lo den 13.Juli 2019 am Kalenner markèieren an dëch op een orientalëscht Fest freen solls.
- 20)...
- 21)

# les amis des Lions Bleus

amis LBB

M.Schintgen Claude, Goebbels Joanne, Melle Meyer Arlette, MM Majerus Tina, Mchale Evelyne/Drennan, MM Fay-Bisdorf, M.Sinner Robert, Fam.Klein-Schmit, Anonyme, MM Majerus Patrick, MME Federmeier Berthe, M.Grün Joe, M.Rohmer Kevin, MM Heinen Gerard, Thibo Charles, Famille Reiners, Fam.Zimer, Fam.Engel, M.Minn Claude, Fam.Theisen/Jhang Katia, ...

# 3 Mèintprogramm

# 3 Mèintprogramm

abrëll'19		mee'19		juni'19	
Me	1	Më	1	Sa	1
Dë	2	Do	2	So	2
Më	3	Fr	3	Me	3
Do	4	Sa	4	Dë	4
Fr	5	So	5	Më	5
Sa	6	Me	6	Do	6
So	7	Dë	7	Fr	7
Me	8	Më	8	Sa	8
Dë	9	Do	9	So	9
Më	10	Fr	10	Me	10
Do	11	Sa	11	Dë	11
Fr	12	So	12	Më	12
Sa	13	Me	13	Do	13
So	14	Dë	14	Fr	14
Me	15	Më	15	Sa	15
Dë	16	Do	16	So	16
Më	17	Fr	17	Me	17
Do	18	Sa	18	Dë	18
Fr	19	So	19	Më	19
Sa	20	Me	20	Do	20
So	21	Dë	21	Fr	21
Me	22	Më	22	Sa	22
Dë	23	Do	23	So	23
Më	24	Fr	24	Me	24
Do	25	Sa	25	Dë	25
Fr	26	So	26	Më	26
Sa	27	Me	27	Do	27
So	28	Dë	28	Fr	28
Me	29	Më	29	Sa	29
Dë	30	Do	30	So	30
		Fr	31		

# Allerläscht Wandroun - Sait

[www.lionsbleus.lu](http://www.lionsbleus.lu)



fne!   
scouts & guides



... **MEINS...MEINS...MEINS** ...  
Daat do hun ech mer lo verdingt,  
no sou engem haarden Kampf  
gèint Loft & Wieder,  
lèkkaaaaä...!



\* THAT'S ALL FOLKS